Regionale Landjugendgrupp „Zenter“

Eng staark Equipe

Den Organisatiounscomité vum 42. Landjugenddag

Viischt Rei (v.l.n.r.): Franky Peller, Anne Steichen, Marthy Binck, Nelly Meyers, Sammy Albers, Fränz Kass
Hënnescht Rei (v.l.n.r.): Louis Majerus, Gilles Cleesen, Michel Meyers, Christian Origer, Laurent Meyers, Andy Weis

De regionale Landjugendgrupp “Zenter” brëngt déi jonk Leit aus der Landwirtschaft an aus dem ländleche Raum zesummen. D'Wuerzele vum „Zenter“ ginn an d'Joer 1970 zréck. Am Fënsterdall koum de Grënnungscomité zesummen an huet de Marcel Erpelding vun Tënten zum éischten Zenter-President ernannt. Den „Zenter“ gehéiert der nationaler Vereenegung vun der “Lëtzebuerger Landjugend - Jongbaueren a Jongwënzer” un.

Den „Zenter” zielt am Moment iwwert 300 Memberen, déi haaptsächlech aus de Kantone Miersch a Réiden kommen. De Landjugendgrupp gëtt vun engem Comité vun 11 Leit geleet.

Nieft der Berodung, den Diskussiounen iwwert allgemeng Themen aus dem ländleche Raum oder der Entwécklungszesummenaarbecht zielt déi geeschteg Virbereedung op d'Liewen an op déi gesellschaftlech Erausfuerderungen zu den Haaptaufgabe vun eiser Organisatioun.

Mir bidden deene Jonken dofir regelméisseg Informatiounsowender iwwer beruffsspezifesch Froen un. Dësweideren organiséiere mir och all Joer een Inlandtour, wou mir en Industrie- an e Bauerebetrib kucke ginn. Ausser dëse méi seriéisen Aufgabe leeë mir awer och Wäert drop, vill fräizäitlech a kulturell Aktivitéite mateneen ze ënnerhuelen. Am Wanter probéiere mir eis Kenntnisser a Coursen ze verbesseren, wéi z.B. an engem Kachcours oder Danzcours.

Den „Zenter" huet sech mëttlerweil och mat sengem "Mähdreschercross" en Numm gemaach. Den 1. internationalen „Mähdreschercross" war den 10. September 1995 zu Rammerech. Vun do u gëtt de Mähdreschercross am Zwee-Jores-Rhythmus organiséiert an zielt an der Tëschenzäit iwwer 6.000 Spectateuren.

Am „Zenter" gëtt awer och d'Iddi vun der Solidaritéit mat mannerbemëttelte Länner an Afrika eescht geholl. Vun 1991 un organiséiere mir regelméisseg „Een Dag fir d'Entwécklungshëllef", wouvun den Erléis integral den Entwécklungsprojeten an Afrika vun der ONG „Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l." zegutt kënnt.

De Comité vum regionale Landjugendgrupp Zenter